



Groupe parlementaire

N° 6787  
Entrée le 07.09.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 08.09.2022

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An Irland gouf e Schoulmeeschter deen an enger offizieller Kiercheschoul Däitsch a Geschicht ënnerriicht, fir d'éischt mat engem Berufsverbuet konfrontéiert a sëtzt méttlerweil am Prisong, well hie refuséiert huet e männleche Schüler mat engem weibleche Pronomen unzeschwätzen. De betreffene Member vum Léierpersonal beriff sech bei senger Verdedegung op seng Reliounsfräiheet a säi perséinlech Gewëssen, dat him et onméiglech mécht, deem genannten Uerder ze follegen.

An der EU-Grondrechtecharta liest een ënnert dem Artikel 10 ënner anerem dat hei: "*Jede Person hat das Recht auf Gedanken-, Gewissens- und Religionsfreiheit*". Weider liest een an deem Kader am Artikel 11: "*Jede Person hat das Recht auf freie Meinungsäußerung*". A schliisslech ënnert dem Artikel 15: "*Jede Person hat das Recht, zu arbeiten und einen frei gewählten oder angenommenen Beruf auszuüben*". Irland verstéisst hei also gläich géint eng ganz Rëtsch vun EU-Grondwäerter.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Bausseminister seng allgemeng Positioun zum Fall vun deem betreffene Schoulmeeschter matdeelen?
- 2) Kann den Här Bausseminister elaboréieren ob an op wéi eng Manéier hien an dësem Fall scho bei der iredscher Regierung intervenéiert huet?
- 3) Kann den Här Bausseminister elaboréieren ob an op wéi eng Manéier hien sech schonn op EU-Niveau duerfir agesat huet, fir Irland zum Respekt vun den EU-Grondrechter ze beweegen a preziséieren, ob hien e Grondrechtsprozess sou wéi en och géint Ungarn a Polen op den Instanzewee bruecht gouf, fir ugemoooss hält?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten



**Antwort vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Fro no. 6787 vum  
honorablen Deputéierten Fernand Kartheiser**

***Antwort op d'Fro 1***

An Irland gouf e Schoulmeeschter zu enger méideegeger Prisongsstrof verurteilt well hie sech iwwert en Urteel vun der High Court ewechgesat huet wat him wéinst enger lafender Prozedur temporär verbueden huet de Schoulhaff ze betrieden. De Grond fir dës Prisongsstrof war also net de Refus fir en genderneutrale Pronomen ze benotzen, esou wéi et verkierzt an enger Rei vu soziale Medien ze liese war. De Refus vum Schoulmeeschter fir e genderneutralen Pronomen ze benotzen ass den Ament Géigestand vun enger lafender Prozedur déi vun de Schoulautoritéiten lancéiert gouf.

***Antwort op d'Fro 2***

Mat Bezuch ob d'Antwort op d'Fro 1 gëtt et den Ament kee Grond fir bei der irescher Regierung z'intervenéieren.

***Antwort op d'Fro 3***

Ob Basis vum Rapport iwwert d'Situatioun vun der Rechtsstaatlechkeet an Irland, deem d'europäesch Kommissioun den 13. Juli 2022 adoptéiert huet, ass kee Grond ze erkennen weder fir eng Interventioun bei der europäescher Kommissioun, nach fir eng Prozedur ob Basis vum Artikel 7. vum Vertrag iwwert d'Europäesch Unioun.

Lëtzebuerg, den 7. Oktober 2022

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn